



Géint d'Franséisch?

Et kann ee mat Läif a Séil fir eis Sprooch sinn, schaffen, esouguer wudderen; **dat wëllt op kee Fall heeschen, datt ee géint ‚eist‘ Franséisch, géint d'Däitsch, d'Englesch oder soss eng Sprooch misst sinn**; dat wier kleng getëppelt!

Bei eis ‚Eegenart‘ gehéiert nun emol eng Vill-sproochegkeet, wéi et se op der Welt nëmmen eemol gëtt! Am Fong misst Lëtzebuerg fir dëse Phenomän **eng ‚immateriel‘ Dekoratioun vun der UNESCO** kréien. Wou gëtt et dann nach en anert Land op der Welt, an deem e Kand vun 10 Joer et mat 3 a mat 13 Joer esouguer mat 4, wann net 5 (Latäin?) Sproochen ze dinn huet? Dat war emol op jidfer Fall esou... an dat gleewt keen am Ausland engem sou richtig.

Bedenkt emol: E jonke Lëtzebuerger, deen eng ‚zolit‘ Première huet, kann sech ouni ‚Sproochféischtere‘ op eng franséisch, däitsch, éisträicheg, englesch, amerikanesch Uni aschreiwe goen. Wou gëtt et dat dann nach? Néierens!

Eis Nationalsprooch ass nun emol eng germanesch, wat op kee Fall eeriicht mat ‚däitsch‘ ze verwiesselen ass, mä op déiselwecht Fassong, mat deemselchte Fong, wéi dat Nidderlännescht oder Skandinescht. Kënnst dann ower nach dat Franséisch dobäi, kann een eis Sproochsituatioun als **déi bescht ‚Kautsch‘ fir d'Englesch-Léiere kucken!** *Qui dit mieux?* ... dofir soll een all dat Gedéngels rondrem Alphabetiséierung a sougenannt Sprooch-Ännerungen am Schoulberäich ënnerwee loossen!

Natierlech ass et fir e kleng Lëtzebuerger méi schwéier Franséisch ewéi Däitsch ze léieren; ower mat deer richteger Uluecht geet dat ganz gutt, well d'Franséisch och an eiser ‚visueller‘ Émwelt iwwerall präsent ass... *und das ist gut so!*

Wien hei vun 1938 un an d'Primärschoul gang ass, huet bis 1945 kee Jota Franséisch geléiert! Mäi Joergank ass ower 1946 einfach souzosen an d'Waasser gehäit ginn; mir hu gekëmmt a gestruewelt. Spéitstens op ‚Cinquième‘ hate mir déi Eeler ower erëm, no enger Zort ‚Päerdskur‘! Et sinn der och eng ganz Rëtsch Franséischprof ginn an ouni ze zécken op franséischsproocheg Universitéite gang. Äre ‚Leitsgeheier‘ schreift haut nach léiwer Franséisch wéi egal watfireng Sprooch. Un déi Schoulmeeschteren a Professeren, déi äis déi sëlliche ‚Biergetappen‘ eropgebeetscht hunn, kann een nëmme mat engem grouse Merci denken.

Firwat soll dann elo d'Sprooch vum Hugo, dem Camus asw. handrageroden? Dat ass vrun allem de ‚Fernsee‘ entschold; méi schwéier ass d'Äntwert net. Loosst mer dach emol éierlech sinn: Wéivill francophon Programme kucke mir – apaart eis Kanner – dann? Wou läit eng franséisch Zeitung vum Dag oder vun der Woch?

Wa mir äis iwwer aremsélegt Lëtzebuergesch um Radio oder der Televisioun (dem ‚Fernsee‘) an d'Sträng geheien, da luusst do eraus, **datt d'allermeescht däitschsproocheg Agencen (DPA aplaz och emol AFP) einfach krommenoleg iwwersat gebraucht ginn**... wat alt erëm näischt géint d'Däitsch wëllt heeschen, mä leider iwwerdriwwen.

Et schéngt ganz kloer: Wien sech géint ‚zevill Franséisch‘ am Gebrauch vun eiser Sprooch stäipt, dee weist vrun allem, datt hien an deer Sprooch ‚schwaach op der Broscht‘ ass. En ‚zerguttste‘ Lëtzebuerger ass géint keng aner Sprooch, mä kuckt och, datt seng ‚Primärsprooch‘ an der Rei bleift... oder an d'Rei kënnst.

vum Lex Roth



‚friem Wierder‘

Jidfer Sprooch huet Wierder, fir déi si keng eegen huet. Ouni ‚eis‘ friem Ausdréck wiere mir zimlech schlecht drun, apaart well mir sproochlech wéi geographesch a kulturell (Schoul!) an enger giedeleger Mëtt leien. **E ‚friemt‘ Wuert gebrauchen ass keng Schan... wa mir keen anert dofir hunn**... oder net drun denken a vill ze dacks ‚mengen‘, mir hätte keent. Déi ‚grouss‘ Sproochen hunn d'Chance, datt si milliounefach ‚publizistesch‘ an d'Gickelcher ginn, an ower gett sech an deene Sproochraim Suergen iwwer de muttwëllesse Gebrauch vun anere Sprooche wéi déi vum Land gemaach. **D'Däitsch a Franséisch hu mir mëndlech a schréfflech vu 7 Joer un zesoen um Hals**, d'Englescht och ganz fréi. Et kann net dacks genuch drun erënnert ginn, datt eis Sproochsituatioun nun emol déi eegenartegst op der ganzer Welt ass, woufir si och vu kengem vu ‚baussenera‘ verstanen gëtt.

Wa mir dann un d'Schrëfflech denken, da stellt sech **d'Fro, ob mir friem Wierder sollen original' schreiwen oder hinnen e forcéiert lëtzebuergesch Gesiicht ginn**, à la *Trottuar, Wëlo, Bullwar, Pnö, Enwellopp, Kuraasch* asw. Dat ass pedagogesch hiermiddeg a mécht eis Kanner an déi, déi eis Sprooch léieren, wibbelbänzeg. Leider schéngt dat bei villen net an den Täti ze goen... fir déi d'Pädagogik en ‚Nemo‘, also en Näischt ass. Schued.

Eng Ääss/Pautsch

Et ass bestëmmt net oninteressant, **sech emol mat Gesondheets- oder soss Elementer vum Kierper an eiser Sprooch ofzeginn**... an erauszefannen, datt et do e sëllichen Ausdréck gëtt, déi ‚typesch‘ eiser sinn. **Sot dach emol, dir hätt eng Ääss um Kapp oder soss enzouw; vläicht och eng Pautsch, oder eng Knupp, vläicht eng Bëls**... déi Ausdréck si mat kenger vun ‚eisen‘ anere Sprooche Famill; probéiert vläicht emol ze iwwersetzen. ☺

Datselwecht gëtt et fir den ‚Hick‘, eng ‚Schnuddel‘, e ‚Koz‘, de Schësser, ...entschëllegt dat grafft Gebraddels, mä dat gehéiert nun emol an eis normal Sprooch, grad ewéi e ‚Roff‘ mat senger ‚Kusch‘, oder ‚Schadder‘, dee ‚bäisst‘; grad wéi ‚Huff‘ ënnert de Féiss, oder eng ‚Rotz an der Strass‘... alles mengerwäreg net grad appetitlech; vläicht och net an Dictionnairen ze fannen; gehéiert ower nun emol an all Sprooch... ower wéi dann?

d'Neelpëtz

ass ee vun den Ausdréck, déi eis Sprooch an de leschte Joerzëngte ‚gemaach‘ huet; ower et fällt den Allermeeschten net an, dorun ze denken, an **da gëtt villzevill liichtfank gesot, d'Lëtzebuergesch giff keng nei Ausdréck maachen**; iwregens ass dat och de Fall beim ‚Baartapparat‘; de Markennumm ‚Gillette‘ huet sech praktesch nëmme bei äis als allgemengen Ausdréck fir d'Saach festgesat; aus dem ‚Zahnstocher‘ maachen der ganz vill den ‚Zännstëppler‘, well mir ‚stocheren‘ dach guer net. Et gi bestëmmt nach kéipweis deer Ausdréck, wéi ‚Stréckel‘ oder ‚Bengel‘, wou mir net drun denken, datt et EISES ass.

Grouss Sproochen hunn nun emol d'Chance, datt nei Wierder **milliounefach duerch geschriwwen a geschwate Press lafen** an sech an déi Idiomen erandrecken, domat natierlech och an eis Sprooch. Dogéint ass net vill ze soen... mä zevill an net genuch sinn nun emol keng Moossen.

Schnoken am Takt

E gudde Witz bleibt am beschten hänken, wann en eng ‚Struktur‘ huet, dat heescht en Takt a vläicht gereimt ass. Huel emol, *dem Jabo seng Kap/den Treschen Nikki vun doheim*... dat sinn einfach Witze wéi anerer... ower si gi wéinst hirer fester Struktur behal. Genee dat fannt dir elo an engem Buch mat 120 ‚getakte SCHNOKEN‘, déi dann och nach de Carlo Schneider genësseg illustréiert huet.

En Dënschdeg, de 4. Abrëll um 18.30 Auer ass dann uewenop am Stadter ‚Cercle, Auditorium Henri Beck, 2, rue Génistre‘

eng spaasseg Konferenz doriwwer; kommt emol lauschten.

Mellt lech un: Tel: 4796 2732 / D'Buch selwer kënnst dir dann och do kréien... an huet e Cadeau fir d'Ouschteren!

